



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°4729 du 23 juillet 2021 des honorables députés Messieurs Jeff Engelen et Fred Keup, concernant le système d'information pour les transports en commun, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten,
op d'parlamentaresch Fro n° 4729 vum 23. Juli 2021 vun den honorabelen Deputéierte Fred Keup a
Jeff Engelen betreffend den ëffentlechen Transport während der Iwwerschwemmungskatastroph Mëtt
Juli 2021**

Déi elektronesch Moyenen hunn duerchaus am Fall vun den Iwwerschwemmunge fonctionnéiert. Et ass esou, dass de System et net erlaabt Deelstrecken ze annulléieren a just de Rescht vun der Buslinn unzeweisen. Esou eng Measure ass just méiglech wann et sech em längerfristeg Ännerungen am Réseau handelt, well an esou engem Fall muss de Sollfuerplang ofgeännert ginn, dee laangfristeg geplangt an agespeist gëtt. Et ass net méiglech fir dat direkt an der Leetstell ze maachen, déi engersäits dofir guer net „en charge“ ass, an anerersäits well an dësem Fall besonnesch vill Linnen a kierzester Zäit betraff waren. Dass an dëser parlamentarescher Fro suggéiert gëtt et wier en „eklatant Versoe vun den elektronischen Informatiounssystemer am ëffentlechen Transport“ ginn, ass absurd a beweist dass vill Leit net wëssen wat hannert dësen Instrumenter un Aarbecht stëcht.

D'Mataarbechter vun mobilitéit.lu déi am Callzenter Ried an Äntwert stinn, hate véier mol méi Uriff vu Clientë kritt ewéi op engem normalen Dag. Des Steigerung war exklusiv der Krisesituatioun geschëllt. Wat de Site mobilitéit.lu betrëfft, waren och bei de betraffene Linne Meldungen ugewise ginn, dass des Linnen duerch d'Héichwaasser gestéiert wieren. Souwuel widderhuelte um Radio wéi och iwwer extra Usen an de Bussen gouf op d'Stéierungen higewisen.

Wat d'Kommunikatioun mat den Busbetriber ubelaangt, sou kann ee feststellen dass d'Leetstell vum RGTR an dëser Krise ganz gutt fonctionéiert huet. Och hei sinn véier mol esou vill Telefonater a Funksprëch gemaach gi wéi op enger normaler Schicht. D'Agente vun der Leetstell an d'Chauffere si geschoult an d'Regelwierk vun der Leetstell gesäit och d'Verhalen a Krisesituatioune vir. D'Ausmoossen an d'Vitess an där d'Situatioun sech vu Stonn zu Stonn verännert huet, waren méi ewéi exceptionnel; an d'Mataarbechter hunn enormes geleescht fir iwwerhaupt aktuell Informatiounen ze hunn an domat d'Buschaufferen ze guidéieren.

Heizou géif ech och gären e puer Chifferen presentéieren:

De 14. Juli si knapp 5.200 Textmeldungen op d'Console vun de Buschauffere erausgaangen, wou mir bei engem normalen Dag bei knapp 100 (!) sinn. Och bei de Sprochnoriichten hu mir iwwer 1050 registréiert, wou een op engem normalen Dag bei knapp 100 läit.

Allgemeng ass den ëffentlechen Transport am Fall vun enger Kris net méi oder manner sécher ewéi de privaten Auto. Dobäi ass och nach ze soen, dass am Fall vun enger Krisesituatioun souwiso soll gutt iwwerluecht gi op een sech iwwerhaupt nach muss deplacéieren. Wann dat de Fall ass muss ee kucke wat fir säi Wee dat beschten Transportmëttel ass. Allgemeng gëtt natierlech weiderhi gekuckt fir d'Prozesser kontinuéierlech ze verbessern an och d'Informatiounen nach besser un d'Clienten ze bréngen.

Ech wëll heimat och de Mataarbechter an der Leetstell an dem Callzenter esou wéi all de Buschaufferen an de Mataarbechter an den RGTR-Busbetriber e grouse Merci ausschwätze fir hir gutt Aarbecht an der Kris.